N°1757
Entrée le 10.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Duerch politesch Ëmwälzungen a Syrien huet d'Lëtzebuerger Regierung temporär d'Beaarbechtung vun Asylunträg vu syresche Staatsbierger ausgesat. Familljenzesummeféierunge sinn awer weiderhi méiglech, wéi den Inneminister Léon Gloden bestätegt huet. Aktuell sinn et der 864 Ufroe vu syresche Staatsbierger op internationale Schutz déi den 31. Dezember 2024 a Beaarbechtung waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang erwaart d'Regierung datt dës temporär Aussetzung vun Asylunträg aus Syrien unhält? Wéi eng Krittäre gi geholl fir eng Decisioun ze huelen?
2. Wéi eng konkret Moossnamen si geplangt fir déi aktuell 864 Asylunträg aus Syrien, déi an der Schwief sinn, ze behandelen?
3. Wéi ginn d'Rechter an d'Sécherheet vun de syresche Flüchtlingen zu Lëtzebuerg an dëser Zäit garantéiert?
4. Plangt d'Regierung zousätzlech Ressourcen an den Accueil z'investéieren, fir déi eenzel Fäll besser a méi séier ze begleeden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten